

**Vote**

Déi fir d'Resolution modifiée sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

D'Resolutioun ass unanime mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz (par M. Nico Loes), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. André Hoffmann.*

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dem Projet de loi 4587. D'Wuert huet de Rapporteur, den Här John Schummer.

# **10. Projet de loi 4587 transposant la directive n° 92/29/CEE du Conseil du 31 mars 1992 concernant les prescriptions minimales de sécurité et de santé pour promouvoir une meilleure assistance médicale à bord des navires**

*Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports*

**M. John Schummer (DP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi transposéiere mer an d'Lëtzebuurger Recht d'Direktiv 92/29/CEE, déi vum europäesche Conseil schonn den 31. März 1992 adoptéiert ginn ass a bis spëtstens den 31. Dezember 1994 hätt missen an eis Gesetzgebung ëmgesat ginn.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Dat ass scho laang hier!

**M. John Schummer (DP), rapporteur.**- Dir sot et, et ass scho ganz laang hier.

Or, et war eréischt den 12. Abrëll 1996, also nach eng Kéier 1½ Joer duerno, wou den deemolege Ministerrot an dësem Sënn e Projet de règlement grand-ducal ugeholl huet.

No berechtigter Kritik vum Conseil d'Etat a sengem Avis vum 11. Juli 1997 ass dëse Projet erëm zréckgezu ginn. Ganz richteg hat de Statsrot bemierkt, dass de be-  
traffene Projet en Domän behandelt, dee gemäss den Dis-  
positiounen vum eiser Constitutioun nëmmen dem Gesetz  
virbehalen ass an net iwwert de Wee vum engem  
Règlement vum Exécutif regléiert däerf ginn.

Dunn ass awer näischt méi geschitt, bis dass déi nei  
Regierung, déi aus de Wale vum 13. Juni 1999 ervir-  
gaangen ass, de 16. September 1999 en diesbezügliche  
Gesetzprojet op den Instanzewee bruecht huet, nodeems  
Lëtzebuerg vun der Cour de Justice européenne fir Non-  
transposition de la directive 92/29 condamnéiert gi war.

Dëst ass leider keen Eenzelfall, wéi mir wëssen.  
Leider ass Lëtzebuerg hannendran, wat d'Ëmsetzung vum  
europäeschen Direktiven ugeet, an aus dem ehemolegen  
europäesche Musterschüler ass e Spätzünder ginn, dee  
wäit iwwer 200 Direktiven nach muss ëmsetzen. Et ass  
bedauerlech, dass et huet missen esou wäit kommen, dass  
Lëtzebuerg regelméisseg condamnéiert gëtt oder eng  
Mise en demeure ausgestallt kritt.

Effektiv ass et mir net verständlech, firwat déi viregt  
Regierung an esou e Müssiggang gefall ass an där neier  
Regierung an dësem Kontext bal esou eppes wéi e Bierg  
vun Altlasten hannerlooss huet. Bretze kënnen mir eis  
doriwwer net, an déi aktuell Majoritéit muss enorm vill  
Energie an Aarbecht elo opwenden, fir dëse Réckstand  
endlech erëm opzehuelen.

Als Rapporteur vum dësem Gesetzworschlag wëll ech  
lech dëse Projet an e puer Wieder virstellen, verweisen  
awer all Interesséierten op d'parlamentaresch Doku-  
menter, fir den détailléierte Contenu vum den eenzelne  
Gesetzartikelen nozeliesen.

Ech wëll am Intérêt vum enger züeger a rationeller  
parlamentarescher Aarbecht net ze laang Zäit verléieren  
an d'Chamber mat laangwieregen Diskussiounen opha-  
len, wou politesch keng Differenze sinn an et jidderem-  
gem bewosst ass, dass dëse Gesetzprojet wuel kee  
Knackpunkt huet, deen zu Sträitgesprécher féieren  
dierft. Ech kann och hei soen, dass de Rapport eestëm-  
meg vum der Transportkommissioun ugeholl ginn ass.

D'Direktiv 92/29 beweegt sech am Kader vum Pro-  
gramm vum der europäescher Kommissioun an de Beräi-  
cher vum der Sécuritét, der Hygiène an der Santé op der  
Aarbechtsplaz. Dëse Programm gesäit konkret Mesurë  
vir, fir d'Assistance médicale op de Mieresschëffer ze  
assuréieren. Effektiv ass de Job op de Schëffer, déi um  
Mier fueren, eng geféierlech Aarbechtsplaz, déi mat ville  
Risike verbonden ass. Vergréissert oder verstärkt ginn  
dës Risiken duerch den Isolement géographique vum de  
Schëffer um wäite Mier. Wann eng Persoun um Mier  
ofgeschnidde vum Land an dowéinst op Hëllef ugewisen

ass, déi een u Bord kritt, ass et vun enger wichteger, wann net souguer liewenswichteger Noutwendegkeet, dass d'Schëff iwwer eng adequat Dotation médicale verfügt, déi an engem kontrolléierten, gudden Zoustand ass, fir dass déi noutwendeg éischt Hëllef schonn um Schëff ka geleescht ginn.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Mir si mëtten an der Diskussioun iwwer de Spidolsplang.

**M. John Schummer (DP), rapporteur.** - Neen, mir sinn am Moment bei der Sécuritéit op de Schëffer, Här Di Bartolomeo.

D'Basis vum Projet de loi, déi uewegenannten Direktiv, gesäit also eng Harmoniséierung op europäeschem Plang vir vum medezineschen Equipement vun de Bordapdikten, dëst virun allem och, fir d'Efficacitéit an d'Rapiditéit vun de Conseils radiomédicaux ze verbesseren, déi d'Doktere vu Land aus kënnen un déi hëllefbedürfteg Leit op de Schëffer prestéieren. Effektiv gëtt elo séchergestallt, dass et op europäeschem Plang nëmme méi eng eenzeg Lëscht gëtt iwwer de gesamten Equipement médical vun de Schëffer, déi ënnert dem Pavillon maritime vun engem Memberstat vun der Europäescher Unioun fueren. Den Dokter um Land, dee vun engem Schëff ëm Hëllef gefrot gëtt, brauch nëmme méi eng Lëscht ze consultéieren, fir deem betraffene Schëff déi néideg Rotschléi ze ginn, en attendant dass d'Schëff erëm en Hafen uleeft, dass Hëllef iwwer d'Waasser oder duerch d'Loft ka gi ginn.

En zweeten Objectif vun dësem Gesetz betrëfft d'Formatioun an d'Informatioun vum Schëffspersonal, an dëst aus deem Grond, well d'Consultations médicales à distance e wichtege Moyen sinn, fir d'Sécherheet vun de Matrousen an hir Gesondheet ze garantéieren.

De Klasement vun de Schëffer, de Contenu vun de Pharmacies de bord, eng Lëscht vun den Antidoten, déi um Schëff musse matgeféiert ginn, de Kader vun der Kontroll vun der Dotation médicale an d'medezinesch Grondformatioun vun de Matrousen, déi u Bord éischt Hëllef prestéiere sollen, waren ursprüngelech an den Annexen zum Projet de loi opgelëscht ginn.

No der berechtigter Kritik vum Statsrot, deen och d'Schwéierfällgkeet vun der Prozedur kritiséiert huet am Fall vun enger Modificatioun vun dëse Lëschten, ginn dës Annexen elo an e Règlement grand-ducal integréiert. Effektiv stellen dës Lëschten éischter eng "simple mesure d'exécution" duer a kënnen dofir iwwert de Wee vun engem groussherzogleche Règlement déterminéiert ginn. D'Fonctions de contrôle et d'inspection gi vum Commissariat des Affaires maritimes exercéiert, dëst am Kader vun den Attributiounen vum Gesetz vum 9. November 1990 iwwer d'Kreatioun vun engem Registre public maritime luxembourgeois.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, andeems ech nach eng Kéier op d'Urgence vun der Transposition vun der betraffener Direktiv hiweisen an nodeems ech de Contenu vun dësem Gesetzworschlag an e puer Wieder ëmrass hunn, recommandéieren ech am Numm vun der Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et

des Transports der Chamber, dëse Projet de loi ze adoptéieren. Gläichzäiteg bréngen ech den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Gesetzworschlag.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - Den Här Ady Jung huet d'Wuert.

*Discussion générale*

**M. Ady Jung (CSV).** - Här President, honorabel Kolleeinnen a Kolleeegen, zum Projet de loi 4587 bleift, no den ausféierlechen Explikatiounen vum Rapporteur, näischt Wesentlech méi derbäi ze fügen.

Am Numm vun der CSV wëll ech dem Kolleeg John Schummer félicitéiere fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport a ledeglech drop hiweisen, dass Lëtzebuerg, am Kader vum nationalen Aarbechtsrecht, bis elo ëmmer beflass war, dass op den Aarbechtsplazen optimal Bedingunge bestinn, wat d'Sécherheet, d'Hygiène an d'Gesondheet ubelaangt. Dat selwecht muss och gëllen op anere Plazen, wou de Lëtzebuerger Stat Responsabilitéiten iwwerholl huet, sou och wat de Pavillon maritime ubelaangt, wou Schëffer ënner Lëtzebuerger Fändel immatrikuléiert sinn.

Et ass also nëmme evident, dass mer d'Direktiv 92/29/CEE vum 31. März 1992 a Lëtzebuerger Recht ëmsetzen, mä dass mer och mat aller Suergfalt mussen iwwerwaachen, dass déi Bestëmmungen, déi am Text vun der Kommissioun proposéiert sinn, respektéiert ginn.

Heimat iwwerbréngen ech d'Approbatoun vun der CSV zu dësem Projet de loi, a mir wäerten dëst Gesetz selbstverständlech stëmmen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.** - Den Här Krecké huet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu just dräi Remarken heizou virzebréngen.

Déi éischt Remarque ass ganz allgemenger Natur. Mir hunn ee Pavillon maritime, wat also heescht, dass Schëffer ënner eiser Flagge op Mierer fueren, a laanscht Küsten haaptsächlech, wou mir näischt dermat ze dinn hunn, wou mir och net d'Méiglechkeet hunn, eng richteg Kontroll ze maache vun deem, wat do passéiert.

Mir hunn also all Intérêt heirun, wa mer net eng Kéier wëlle verweckelt ginn a Problemer wéi déi, déi d'Schëff Erika elo duerstellt. Dat ka muer eng Kéier e Schëff trefen, wat ënner Lëtzebuerger Pavillon ass, an da gëtt kontrolléiert, a wat fir engem Mooss mir d'Direktiven, déi kommen, ëmsetzen. Do gesinn ech zwee Punkten, wéi schnell a wéi restriktiv mir dat maachen.

De Wonsch vun eiser Fraktioun ass, dass mer effektiv higin a relativ schnell dat maachen, fir dass mir dee Virwurf net gemaach kréien. Dat zweet ass, dass mer relativ restriktiv - dat huet näischt mat dëser Direktiv ze dinn - solle sinn an der Ëmsetzung, wann d'Direktiv eis Spillraum léisst, fir ze verhënneren, dass mer an onnëtz Diskussiounen kommen, well mir selwer net déi noutwendeg Kontrolle kënnen duerchzéien.

En anere Punkt ass deen, dass et sech hei effektiv ëm eng Matière handelt, déi méi grave ass, wéi dat schéngt. Zum Beispill e Problem um Blinddaarm. Dat ass näischt hei zu Lëtzebuerg. Du geess an d'Klinik a léiss Dech operéieren. Da leeft dat. Wann dat um héije Mier ass, op enger Atlantikiwwerquerung, da stierft een drun, wann net en Dokter do ass, deen déi noutwendeg Mesurë kann huelen. Do läit den Ënnerscheed tëscht deem, wat Iech ka passéieren a ganz normale Fäll u Land, an deem, wat Iech um Mier ka passéieren.

Dofir dréttens meng Remarque: Dat Ganzt ass virgesinn, fir eng Hëllef duerstellen iwwer Radiokommunikatioun. Déi meescht Schëffer - ech hoffen zumindest, wat déi Professionell ubelaangt - hu professionell Leit, déi mat deene Mëttele kënnen ëmgoen. Dat ass anescht geregelt wéi an der Plaisance. Mä ech géif wierklech soen, vu dass mer och e Pavillon de plaisance hunn a genau déi do Regeln och spillen, quitte dass mer net déiselwecht Dispositiounen kënnen virschreiwen, mir mussen déiselwecht Méiglechkeete spille loossen, nämlech dass en Equipement do ass, wat et erlaabt, eng Radiokommunikatioun hierzestellen fir esou e Fall, an dass een do ass, deen dat ka bedéngen.

Am Moment hu mir fir déi Leit, net fir déi Professionell, nach net déi noutwendeg Ausbildung zu Lëtzebuerg. Mir sollen eis inspiréieren um Permis, dee mir agefouert hu fir Leit, déi op esou Schëffer fueren, a mir sollen en ähnleche System fanne fir d'Radiokommunikatioun. Am Moment muss een nach an d'Ausland goen, fir dat ze maachen, wann een net just de Radioamateur zu Lëtzebuerg wëllt maachen, deen net adaptéiert ass un dat, wat um Mier gefrot ass. Ech wier frou, wann de Minister mat sengem Homologue géif schwätzen, deen zoustänneg ass fir d'Télékommunikatiounen, fir dass mir, nom Modell vum Permis, relativ schnell och de Permis restreint kënnen an der Radiotéléphonie hiestellen. Dat ass eng Nécessitéit an am Fong en Niewenaspekt vum deem heite Gesetz.

Fir de Rescht bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun a soen Iech merci.

**M. le Président.**- Den Här Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vum hirem Programm fir Sécherheet, Hygiène a Gesondheet op der Aarbechtsplaz huet déi europäesch Kommissioun 1992 eng Direktiv erausginn, fir déi medezinesch Versuergung vum Equipage u Bord vu Schëffer sécherzestellen.

D'Gesetz selwer, dat mer virleien hunn, wëll ech net am Detail nach eng Kéier widderhuelen. Den ADR begreist an ënnerstëtzt dës Projet, sou wéi mir all Initiativ ënnerstëtzen, déi wierksam - an dat betounen ech - op eng effikass Aart a Weis an op alle Gebidder, op der Aarbecht an um Chantier, déi Bedeelegt schützt. Merci dofir all deenen, déi un dësem Projet matgeschafft hunn, an ech wëll och direkt den Accord vu menger Fraktioun derzou ginn.

Ech kommen awer net derlaanscht, drun ze erënneren, och wann dat schonn hei gesot gouf, dass dës Direktiv

scho vun 1992 staamt. Lëtzebuerg huet also aacht Joer gebraucht, fir se an eist Gesetz ze iwwerhuelen. D'Fro, déi sech stellt, ass: Bedeit deenen heitegen a vergaangene Regierungsparteien d'Gesondheet an d'Sécherheet, d'Liewe vum Personal op Schëffer ënner Lëtzebuerger Flagge esou weening? Schonn Enn 1994 hätt dëst Gesetz misse gestëmmt ginn. Lëtzebuerg - an dat ass och schonn hei gesot ginn - ass 1998 scho vun der europäescher Cour de justice veruerteelt ginn. Firwat muss et ëmmer esou wäit kommen, bis hei eppes geschitt?

Zum Inhalt vum Text wëll ech just dat hei soen. Nieft der Ausrüstung um Schëff an der Kontroll dervun ass natierlech d'Formatioun vum Equipage dat Wichtigst. Dat ass och scho vu mengem Virriedner gesot ginn. Wat notzt et nämlech, wann am Fall vu Krankheet oder Accident keen u Bord d'Consigné vum Dokter versteet, déi iwwer Funk, also Radiokommunikatioun, kommen? Et muss also grouse Wäert drop geluegt ginn, dass all Member vum Equipage trainéiert gëtt fir éischt Hëllef, dass e weess, wou d'Medikamente an d'Éischt-Hëllef-Material ass, dass en eppes kann dermat ufänken. Och d'Aarbechterchamber wënscht sech an deem Zesammenhang méi Präzisioun.

Eng aner wichteg Fro stellt sech och nach am Zesammenhang mam Gesetz. Vläch kann den zoustänneg Minister eis dozou méi soen. D'Gesetz verlaangt am Artikel 6, dass eise Commissariat aux Affaires maritimes d'Centrë benennt, d'Ulafstelle fir medezinesch Consultatioun, wou also den Equipage kann ëm Hëllef froen. Am Kloertext heescht dat, dass all Member vum Equipage muss wëssen, wou esou e Centre mat Dokter ass. A vun egal wat fir engem Deel vum Mier aus muss esou e Centre erreechbar sinn.

D'Fro un de Minister ass déi: Huet eis Regierung esou Hëllefstationen virgesinn, oder eng Bedeelegung u bestehende Statiounen? Gëtt et en Ofkommen fir Collaboratioun mat aneren Agences maritimes an deene verschiddenen Häfen? Oder allgemeng, wéi ass dës wichtige Problem geléist?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss nach eng Bemierkung méi allgemenger Aart zum Lëtzebuerger Pavillon maritime. Et ass schéin a gutt, dass Lëtzebuerg sech esou eppes leeschte kann, mä hu mir dat néideg? Bréngt dës Pavillon eppes fir eist Land, oder riskéiere mer fréier oder spéider zum Beispill bei soziale Leeschtungen déck Ausgaben? Mir wiere frou, wa mir e komplette Bilan gemaach kréiche vum Pavillon maritime, wat d'Akomes an d'Ausgaben, awer och wat de Risiko ubelaangt, deen dës Pavillon fir Lëtzebuerg mat sech bréngt.

Ech bréngen nach eng Kéier den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet a soen Iech merci fir d'Noleschteren.

**M. le Président.**- Den Här Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer ufanks den 90er Joren hei am Parlament iwwer dat ominéist Gesetz zur Schafung vum engem Pavillon maritime diskutéiert hunn,

war dat eng memorabel Sitzung mat vill Tumult virun der Dier. Mir hate souguer ONGen, déi an deem Kontext hei manifestéiert hunn.

Wéi higewise ginn ass, vun enger Rei vun Deputéierten, ënner anerem vu grénge Deputéierten, op d'Risiken, déi verbonne wäer mat der Schafung vun deem Pavillon - Risike vu sozialem Dumping, Risike vun Ëmweltkatastrofen, an déi Lëtzebuerg kéint onverhofft verstréckt ginn -, si vum deemolege Minister, dem Här Goebbels, all d'Bedenken an de Wand geschloe ginn. Hien huet alleguer déi an den Eck gedréckt, andeem hie versicht huet, hei der Chamber wäiss ze maachen, dass d'Schafung vun deem Pavillon maritime duerch dat neit Gesetz e formidabelen neie wirtschaftleche Créneau fir eist Land wär, vergläichbar e bëssche mat der Schafung deemools vun der Finanzplaz, vergläichbar och mat deementspriedenden Einnahmen, déi fir Lëtzebuerg domat verbonne wäeren, an engem massive Schafe vun Aarbechtsplazen hei am Land.

Ech hunn dat deemools alles hei bezweifelt, an ech bezweifelen et och nach haut. Ech wëll och dovu profitéieren, fir am Kader vun deem Projet, dee jo enkliéiert ass un dat Gesetz, wat mer deemools geschaf hunn, nach eng Kéier drop hinzeweisen, dass et wichteg ass, dass mer eng Kéier eng seriö Debatt féieren, mat genaue Chifferen, déi mer da virleien hunn, iwwert den ekonomeschen Notze vun deem Pavillon maritime. Mir haten an der Kommissioun och mam zoustännegen Minister schonn driwwer geschwat a gefrot, ob dat méiglech wär. Hien huet eis versprach, datt dat méiglech wär, dass engersäits eng Kéier de Commissaire aux Affaires maritimes an déi zoustänneg Kommissioun sollt kommen, a virun allem awer och datt en Audit vum Transportminister an Opdrag gi gi wär, dee sech am Spezielle soll mat där dote Fro beschäftegen, datt mer dann en fonction vun detailléierte Chifferen, déi mer da virleien hätten, eng Kéier dese Bilan kéinten zéien.

Ech mengen, dass dat enorm nützlich a wichteg wär, well, wéi gesot, ech bezweifele ganz, ganz staark, dass déi grouss Wonschvirstellung vum deemolege Minister sech erfüllt hunn. Op där anerer Säit hunn ech grouss Bedenken, wat déi Risiken ubelaangt, déi mer hei droen. An da kommen ech zum Projet, iwwer dee mer haut ofstëmmen, wou mir och wäerten derfir stëmmen, an deem Punkt, deem do drun hänkt, nämlech dee vun de Kontrollen. Ech froe mech, wéi et fir e Land wéi Lëtzebuerg, dat jo bekanntlech net u Mierer grenzt a keng grouss Traditioun huet an der Schëffahrt, méiglech ass, fir effikass Kontrollmechanismen ze schafen, fir déi Schëffer ze kontrolléieren, déi ënner Lëtzebuurger Flagge fueren, a fir derfir ze suergen, dass alles dat, wat mat der Sécherheet fir d'Ëmwelt, der sozialer Sécherheet a sou weider zesummenhängt, op deene Schëffer och agehale gëtt.

Ech bezweifelen, datt dat méiglech ass, an ech mengen, dass ënnert dem Stréch den ekonomeschen Intérêt esou geréng ass par rapport zu deem Risiko, deem dat vläicht mat sech bréngt, datt et eventuell sënnavoll wär, eng Kéier e ganz strenge Bilan ze zéien, fir datt mer net deem Verdacht musse gerecht ginn, deem opgestallt ginn

ass, och vum Ausland, zu där Zäit wéi mer dee Pavillon hei geschaf hunn, wou gesot ginn ass, Lëtzebuerg bitt sech hei erëm eng Kéier un, fir e Pavillon de compliance ze schafen, dat heescht fir eigentlech als klengt Nischeland erëm eng Kéier do och eng Nisch ze besetzen, fir alle méigleche Luusspätteren d'Geleeënheet ze ginn, sech laanscht d'Gesetzgebungen ze drécken an dann ënner Lëtzebuurger Flagge verschidde Gesetzgebungen net deementspriedend anzehalen.

Wéi gesot, ech hoffen, datt mer déi Debatt gläich kënne féieren, wa mer d'Chifferen um Dësch leien hunn. Se ass sécherlech nützlich. Fir de Rescht stëmme mer dese Projet.

**M. le Président.**- D'Diskussioun ass ofgeschloss, an d'Regierung huet d'Wuert.

**M. Henri Grethen, Ministre des Transports.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëllt ech dem Rapporteur, mä och all de Kolleegen Deputéierten, déi interventéiert sinn an dëser Debatt, merci soe fir déi breet Zoustëmmung, déi se zu deemem Projet bréngen, an dat awer am Gefill an an der Gewëssheet, dass d'Aktivitéit u sech net déi breet Basis hei an dëser Chamber fënnt.

Den Här Bausch huet zu Recht drun erënnert, dass an den 90er Joren, wéi de Pavillon maritime agefouert gouf, eng ganz Rei Leit - an ech war ee vun deenen - där Aktivitéit ganz kritesch géintwärt stoungen. Ech hunn och dem Commissaire aux Affaires maritimes d'Instruktioun ginn, dass hei zu Lëtzebuerg fir de Lëtzebuurger Pavillon déi héchstméiglech Standards de sécurité misste gëllen. Déi viregt Regierung hat déiselwecht Instruktiounen un de Commissaire ginn.

Ech sinn der Iwwerzeegung an deelen d'Meenung vu Virriedner, dass, wa géif en Accident passéiere mat engem Lëtzebuurger Schëff oder engem Schëff, dat ënner Lëtzebuurger Fändel immatrikuléiert ass, dat fir den Image vun eisem Land net gutt wier. Duerfir och déi Suerg, dass déi Standarde respektéiert ginn.

Fir dass mer an aller Transparenz kënnen iwwer déi Aktivitéit diskutéieren, ass vun dëser Regierung en Audit, net nëmme vun där do Aktivitéit, mä vum ganzen Transportministère, mat engem besonnesche Bléckpunkt op d'Aktivitéit Pavillon maritime, decidéiert ginn. D'Virarbechte sinn amgaangen, an ech hoffen, dass ech d'Resultater vun där Etüd nach am Laf vun deem Joer kréien, an da wäerte se selbstverständlech och den Deputéierten zur Verfügung gestallt ginn.

D'Wirtschafts- an Transportkommissioun wäert den 9. Mäerz mam Commissaire de Gouvernement aux Affaires maritimes e Gespréich hunn, wou de Commissaire dann den Deputéierte Ried an Äntwert steet an op all déi Froen, déi si sech an deem Zesummenhang stellen, wäert kënnen agoen.

Ech deelen, Här President, d'Meenung vum Kolleeg Jeannot Krecké, deem och op déi Risiken higewisen an ënnerstrach huet, dass et wichteg ass, dass mer Direktiven esou schnell wéi méiglech an och esou restriktiv

wéi noutwendeg ëmsetzen. Déi Ambitioun deelen ech, an et sinn och déi Instruktiounen, déi ech ginn hunn.

*(M. Willy Bourg prend la Présidence)*

Ech wëll awer zur Verteidegung vun der viregter Regierung soen, dass hei net d'Regierung elo excessiv Lenteuren hat, mä dass versicht gi war, dësen Text iwwer e Règlement grand-ducal ëmzesetzen, an de Conseil d'Etat gesot huet, dat géif net goen. Dofir si mer a Verzuch geroden, wéi mer allgemeng bei der Transposition vun europäeschen Direktive ganz oft a Verzuch sinn, well mer ganz oft un d'Grenze vun de Méiglechkeete vum Lëtzebuerger Statsapparat stoussen.

Mir musse wëssen - dat wëll ech der Chamber soen -, datt mer ëmmer méi Schwieeregkeete kréien, fir an deenen Délaien, déi gewënscht ginn, Direktiven ëmzesetzen, ganz besonnesch bei ganz techneschen Texter, wou mir duerch eis legislativ Prozeduren - d'Consultatioun vun de Chambres professionnelles, vum Conseil d'Etat - ganz oft a Verzuch kommen. Wann nach ganz vill Direktiven net ëmgesat sinn, respektiv wou mer schonn a Verzuch sinn, dann ass et ganz oft, dass d'Texter schonn ausgeschafft sinn, mä dass se iergendwou an der Consultatioun nach hängen. Mä, wéi gesot, ech wollt dem honorablen Här Krecké soen, dass ech seng Suergen an och seng Meenung deelen, dass dësen Text, obschonn e vläicht banal ausgesäit, trotzdem wichteg ass.

Wat d'Importanz vun der Radiokommunikatioun ugeet, an och vun enger spezieller Formatioun an där Matière - esou e Permis restreint en radiotéléphonie -, wëll ech mech deem net verschléissen. Mä ech muss awer drop opmierksam maachen, dass och nach ee muss déi Couren duerchféieren, dass ee muss déi Examen ofhalen, dass iergendwou erëm e Méi un Aarbecht op eng Rei Fonctionnaires duerkënnt, an dat geet dann an dee Bilan eran, dee gefrot ginn ass an och wäert gemaach ginn. Da muss ee kucken, ob d'ganz Aktivitéit rentabel ass, ob mer net och an där Aktivitéit un d'Grenze vun eise Méiglechkeete stoussen.

**M. le Président.**- Här Minister, den Här Krecké wëllt Iech eng Fro stellen. Sidd Der d'accord domat?

**M. Henri Grethen, Ministre des Transports.**- Jo!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Ech wollt just soen, Här Minister: Et ass genau duerfir, wou ech gefrot hunn, fir nom Modell vun de Permissen ze fueren, well do am Fong geholl d'staatlech Administratiounen net belaauscht si mat de Couren.

Dat sinn agréiert Organismen, déi déi kënne maachen, an am Fong ass nëmme de Ministère iwwer seng Kommissioun gefuerdert, d'Examen ze iwwerwaachen, déi duerno geschéien, soudass ech mengen, dass dat eppes wier, wat ee kéint an d'Weeër leeden, ouni dass elo d'Administratioun zevill belaauscht géif ginn, well et am Fong eng Verlagerung ass, oder Dir agréiert Organismen, déi dat fir Iech maachen. Well et ass net normal, dass dann d'Fonctionnaires och dat do nach misste maachen.

**M. Henri Grethen, Ministre des Transports.**- Här President, ech wollt dem Här Krecké soen, dass ech net prinzipiell géint esou eng Initiativ sinn, mä mer just virdrun nach wëll d'Méiglechkeet ophalen, fir ze kucken, ob ech déi Engagementer, déi ech eventuell haut an hei géif agoen, och herno kéint respektéieren.

Ech wollt dem honorablen Här Greisen soen, dass den Artikel 6 selbstverständlech wäert ëmgesat ginn. Am Text steet jo, dass de Commissaire de Gouvernement, esou séier wéi den Text gestëmmt ass, déi Centres muss designéieren fir d'Consultation médicale. Ech ginn dervun aus - an ech kann näischt anescht soe wéi dat -, dass, wann d'Chamber bis den Text gestëmmt huet, et da selbstverständlech ass, dass d'Regierung deen ëmsetzt.

Den honorablen Här Bausch, Här President, huet och vum Bilan geschwat. Ech si schonn dorop agaangen. Hien huet awer och iwwert d'Kontrolle geschwat. Dat ass e Souci, an Dir wësst, dass dat Schëff Erika, wat accidentéiert ass, vun engem italienesche Büro kontrolléiert ginn ass, dee mir och hei zu Lëtzebuerg unerkennen, de Registro Italiano Navale, kuerz RINA genannt. De Lëtzebuerger Commissaire wäert an enger Opération de monitoring vun deem Büro mat derbäi sinn, mat de Services vun der Kommissioun. Wann noutwendeg, musse Sanktiounen géint dee Büro geholl ginn, mä do soll een net virgräifen op déi Enquêtes, déi en cours sinn.

Ech wollt just der Chamber nach eng Kéier versécheren, dass d'Lëtzebuerger Regierung net wëlles huet, vun héije Sécherheitsstandarden am Pavillon maritime ofzegoen, dass mer déi ganz Aktivitéit enger kritescher Analys ënnerwerfen, d'Chamber och wäerten doriwwer informéieren an déi Konklusiounen dann huelen, déi sech imposéieren. Ech soen den Deputéierte merci fir de positive Vote zu deemem Projet.

**M. le Président.**- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4587 a stëmmen driwwer of. Den Text steet am Document parlementaire 4587<sup>1</sup>.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Willy Bourg)*

D'Artikelen 1 bis 8 si gelies an ugehall.

Mir kommen zum Vote iwwert de Projet de loi 4587.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmmen eestëmmege ugehall.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Nico Loes), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jos Scheuer), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepp;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4206 iwwert d'Schafung vun engem Registre national d'accréditation. Et hu sech fir d'Diskussioun schonn ageschriwwen: déi Häre Jung an Zanussi.

D'Wuert huet elo fir d'éischt de Rapporteur vum Projet, den honorablen Här Claude Meisch.

**11. Projet de loi 4206 relatif à la création d'un Registre national d'accréditation, d'un Conseil national d'accréditation, de certification, de normalisation et de promotion de la qualité et d'un organisme luxembourgeois de normalisation, modifiant la loi du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de commissaire du Gouvernement, portant création d'un service de l'énergie de l'État, et concernant l'exploitation des centrales hydro-électriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport**

*Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports*

M. Claude Meisch (DP), rapporteur.- Här Präsident, Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn déi grouss Éier, Iech de Rapport iwwert de Projet de loi 4206 dierfen ze presentéieren, e Projet, dee sech mat der Problematik vun der Akkreditatioun an der Normalisatioun befaasst.

Och wann dës Woch eng Dageszeitung geschriwwen huet, ech hätt eng ondankbar Aufgab, fir dës Rapport dierfen ze presentéieren, sou wëll ech dach ënnersträichen, dass, och wann de Sujet net dee passionantesten ass, dee mer hei kënnen diskutéieren, en dach awer eng grouss Wichtigkeet huet fir eis Economie.

Ech verroden Iech näischt Neies, wann ech Iech soen, dass eis Economie enger permanenter internationaler Konkurrenz ënnerworf ass, déi mam Prozess vun der

sougenannter Globaliséierung eischter nach zou- wéi ofhëlt. Dat bedéngt, dass eis Betriber stänneg mussen nei Strategien entwéckelen, fir kompetitiv ze bleiwen. D'Zil vun esou Strategien ass et, e Produit, e Verfahren oder e Service unzébieden, deen d'Ëmwelt manner belaaßt, de Wënsch vun de Konsumenten éischter entsprécht, d'Produktivitéit ze steigern, Feeler ze vermeiden, kuerz gesot, d'Qualitéit vum Produit oder Service kontinuierlech ze verbesseren.

Dës Entwécklung fënnt och hiren Nidderschlag an der Organisatiounstheorie, wou an deene vergaangene Joren zum Beispill den Usaz vum "Total Quality Management" entwéckelt gouf, bei deem d'Grondiddi déi ass, d'Qualitéit op alle Stufe vun enger Organisatioun permanent ze hiewen.

De Projet de loi 4206 schafft eng legal Base fir d'Promotioun vun der Qualitéit an de Betriber, andeems d'Akkreditatioun an d'Normalisatioun reglementéiert ginn.

Et ass d'Normalisatioun, déi der Qualitéit vun engem Produit eréischt déi néideg Visibilitéit gëtt, well esou garantéiert ass, dass de Produit unerkanntene Qualitätsstandarden entsprécht. Dobäi gëllt et ze ënnerscheeden, ob eng Norm aus Sécherheets- oder Gesondheetsgrënn obligatoresch oder aus wirtschaftleche Grënn empfehlenswäert ass. Natierlech kënn et besonnesch drop un, dass déi Normen international unerkannt sinn, fir esou vun engem méiglechst groussen Marché kënnen ze profitéieren.

Wichtig ass awer och, dass déi Organismen, déi garantéieren, dass e Produit, eng Prozedur oder e Service konform zu enger Norm ass, dës Norm also certifiéieren, dat néidegt Vertraue genéissen. Duerfir mussen dës Organismen akkreditéiert sinn. Datt d'Glawierdegkeet vun deem ganze System op der Onofhängegkeet an der Transparenz vun der Akkreditatioun baséieren, versteet sech vum selwen. D'Akkreditatioun kann also och keng kommerziell Aktivitéit sinn, an de Projet de loi gesäit vir, dass se der Autorité publique muss ënnerstoen.

Fir d'Wichtigkeet vun dësem Projet de loi ze ënnersträichen, wëll ech kuerz e puer Beispiller vun noutwendegen oder méiglechen Akkreditatiounen opzielen.

Esou missten, laut den Direktiven, de Laboratoire National de Santé wéi och de Laboratoire vun der Ëmweltverwaltung akkreditéiert sinn, wat bis elo net méiglech war, well déi néideg Strukturen hei am Land gefeelt hunn. Och sinn a verschiddenen Nopeschlänner déi Organismen, déi d'Qualitéit vu Liewensmëttelen certifiéieren, akkreditéiert.

Och am Kader vum Commerce électronique ass et wichtig, dass déi, déi d'Identitéit vun deene Bedeelegte certifiéieren, déi néideg Sécherheet bidden. Och hei ass eng Akkreditatioun noutwendeg, ouni déi dësen neie Wirtschaftszweig net aus de Kannerschong wäert kommen.

De Projet de loi gesäit vir, dass ënnert der Autoritéit vum Wirtschaftsminister e Registre national de l'Accréditation geschaf gëtt. E Règlement grand-ducal wäert